



OPPE, SOZIAL  
A RESPONSABEL

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2022

## **Communiqué de presse - Buedemdeponien zu Lëtzebuerg**

Säit Jore warnt d'Lëtzebuenger Baubranche, datt et e massive Manktem un Deponië fir eise Buedem gëtt. Dës Situatioun huet sech an de leschte Méint weider zougespëtz a setzt de Lëtzebuenger Bausecteur massiv ënner Drock.

Wann d'Lëtzebuenger Regierung net direkt reagiert drot zu Lëtzebuerg an de nächste Wochen e Baustopp vun den éischte Chantieren, Kuerzaarbecht fir eng Réi Aarbechter esou wéi nach weider Haussë vun de Baupräisser.

Laut den Donnéeë vum GROUPEMENT DES ENTREPRENEURS stamen 80% vum Buedem, deen deponiert muss ginn, vun ëffentleche Chantieren. D'ëffentlech Hand huet also selwer am meeschte Buedem ze deponéieren, mécht awer näischt fir eng Léisung ze fannen.

Doduerch dass et aktuell net genuch Deponien zu Lëtzebuerg gëtt, mussen Honnerte vu Camionen all Dag extrem grouss Distanzen zréckleeën a virun den Deponien och nach Stonnen am Stau stoen, wat massiv CO2-Ofgase mat sech zitt.

D'CSJ ass der Meenung, dass d'Regierung sech senger Responsabilitéit an dëser Problematik schnellstméiglech bewosst muss ginn an direkt handele muss.

Aus deem Grond fuerdert d'CSJ dass d'Buedemdeponie zu Suessem schnellstméiglech erweidert gëtt. Des weidere fuerdert d'CSJ, dass an de nächsten 2 Joer weider Buedemdeponien entstoe sollen. Dës Standuerter solle gutt verdeelt ginn, fir dass déi zuelräich Camionen sou kuerz wéi méiglech Transportweeër hunn a soumat sou mann wéi méiglech CO2 ausstoussen.

Matgedeelt vum CSJ Nationalcomité